PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JUIN 2019
810

Lëtzebuerg, den 20/06/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht, Interieur, Sozialversécherung & Bildung weiderzeleeden.**

De Code du Travail reegelt d'Konditiounen vum Asaz vun engem *Contrat à durée déterminée (CDD)*. Den Artikel 122-1 reegelt d'Bedéngungen, an deenen ee CDD däerf agesat ginn. Hien definéiert, dass de CDD just fir eng präzis a befrist Aufgab opgestallt gëtt. Eng permanent Beschäftegung ënnerhalb dem normalen Aarbechtsoflaf gëtt domat also ausgeschloss.

Trotzdeem ginn et hei am Land nach CDDen, déi dësem Prinzip vun der zäitlecher Limitatioun net entspriechen. Fir bestëmmte Beruffer, dorënner och d'Chargé de Cours, gëllen nämlech Exceptiounen, soudass ee CDD fir dës Beruffer méi wéi 24 Méint bedroe kann an och méi wéi zweemol ka verlängert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgeléscht no all Punkt vum Artikel 122-5 Paragraf (3) vum Code du Travail, firwat sinn déi an dësem Paragraf genannte Beruffer vun de gängegen Dispositioune vum CDD ausgeholl? No der selwechter Opléschtung, ass d'Regierung der Meenung, dass dës Ausname par Rapport zu de generelle Konditioune vum CDD justifiéiert sinn?
  - Falls jo, wat schwätzt fir d'Erhale vun der aktueller Derogatioun?
  - Falls nee, wéi wëll d'Regierung dozou legiferéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 juin 2019

Objet : Question parlementaire n° 810 du 20.06.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Contrats à durée déterminée

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**L-2450 LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 7 octobre 2019

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°810 |

**Concerne : Question parlementaire N°810 de l'honorable Député Marc Goergen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch, vun der Madame Inneministesch Taina Bofferding an vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°810 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen**

Den Artikel L. 122-5 (3) vum Code du travail gesäit d'Méiglechkeet vir, souwuel zu der maximaler Dauer vu 24 Méint, wéi och zu der regulärer Unzuel vu Verlängerunge vu CDDen ze derogéieren, an zielt exhaustiv déi Fäll op, fir déi dës Derogatioune spillen.

Betreffend dem Punkt 1 vum Artikel L. 122-5 (3), ass eng Derogatioun virgesinn fir den Enseignant-chercheur deen op der Universitéit vu Lëtzebuerg schafft. Dës Derogatioun erlaabt et dem Enseignant-chercheur genuch Zäit ze ginn fir net nëmmen a sengen Recherchen virunzekomme mä och säi Wëssen un d'Studenten vun der Uni Lëtzebuerg weiderzevermëttelen. Vu dass et a priori ganz oft schwéier ass en zäitlechen Delai fir esou Recherchen ze definéieren, ass et am Interessi vun der wëssenschaftlecher Recherche an der Promotioun vun der technologescher Entwécklung an Innovatioun zu Lëtzebuerg, dass een de Leit genuch Zäit gëtt fir hir Aarbechten ofzeschléissen. Aus dësem Grond ass dës Derogatioun justifiéiert an sollt weiderhin erhale bleiwen.

Betreffend dem Punkt 3 vum selwechten Artikel, ass eng Derogatioun virgesi fir d'Kontrakter vun de Studenten an de Schüler aus dem enseignement secondaire classique an dem secondaire général zu Lëtzebuerg. Dës Derogatioun erlaabt et de Studenten nieft hiren Etudë zousätzlech Suen ze verdéngen fir hir Etudë finanzéieren ze kënnen. Den Artikel L. 122-1 (3) Punkt 5 vum Code du travail gesäit allerdéngs vir, dass am Kader vun dëse Kontrakter d'Studenten an d'Schüler net méi wéi 15 Stonnen d'Woch schaffe kënnen an dat fir ze verhënnere, dass d'schoulesch Aktivitéiten dorënner leide well déi weiderhin am Virdergrond stoe sollten. Dës Derogatioun ass also justifiéiert am Interessi vun de betraffene Schüler a Studenten, déi sech duerch eng Aarbecht hir Etudë finanzéiere wëllen oder souguer mussen.

Betreffend der Derogatioun, déi am Artikel L. 122-5 (3) Punkt 4 virgesinn ass, léisst sech d'Noutwendegkeet vun dëser Derogatioun unhand vum Beispill vun de Remplaçanten am Enseignement fondamental illustréieren:

Eng iewescht Prioritéit am Enseignement fondamental, wéi an allen Ordres d'enseignement, ass e qualitativ héichwäertegen Unterrecht. Dozou gehéiert, dass méiglechst vill Stonne vu brevetéierten, beschtméiglechst ausgebilten Enseignante gehale ginn, mä och, datt d'Schoulorganisatioune garantéiert sinn, an zu all Moment ee bei de Kanner ass. Dëst bréngt awer ënnerschiddlech grouss Schwieregkeete mat sech.

Sou mussen zum engen iwwerhaapt emol genuch Kandidaten disponibel sinn fir dass d'Schoulorganisatioun assuréiert ka ginn. Gläichzäiteg muss awer och flexibel a séier op stënterlech optauchend Besoine reagéiert kënne ginn (z. B. ee längere Krankeschäin oder eng massiv Grippewell). De reelle Besoin u Léierpersonal ka soumat vun engem Moment op deen anere staark schwanken an onverhofft klammen oder awer och zeréckgoen. De Besoin geet beispillsweis erof, wa Leit aus engem Congé parental oder Congé de maternité am Laf vum Schouljoer zeréckkommen. Fir heirop kënnen ze reagéieren, ass eng gréisser Unzuel u Personal am CDD onëmgänglech, fir all Moment genee déi néideg Unzuel u Léierpersonal ze hunn. Aus dëse Grënn, ass och déi Derogatioun justifiéiert an muss erhale bleiwen.

D'Legitimitéit vun der Derogatioun déi am Punkt 5 vum Artikel L. 122-5 (3) virgesinn ass, léisst sech folgendermoossen erklären: D'Musékskueren si fakultativ fir d'Schüler, déi sech an engem institut d'enseignement musical communal aschreiwe ginn. Vu dass d'Unzuel vun den Aschreiwungen awer ganz staark vun engem Joer op dat anert ännere kann, léisst sech och net genau viraussoe wéi vill Personal gebraucht gëtt fir d'Kure leeden ze kënnen. Aus dësem Grond besetzen d'Gemengen déi Posten haaptsächlech mat CDDen fir engersäits z'evitéieren dass ee Leit fest astelle muss, déi herno keng Aarbecht hu well sech net genuch Schüler an d'Kuren ageschriwwen hunn, an anerersäits fir genuch qualifizéiert Personal ze hunn am Fall wou sech vill Schüler an sou Kuren aschreiwe géifen.

Betreffend der Derogatioun am Punkt 7, ass et jo esou dass am professionnellen oder semi-professionnelle Sport souwuel d'Sportler wéi och d'Trainere haaptsächlech no hire Leeschtungen an Erfolleg bewäert ginn. Vu dass fir vill Sportsfederatiounen an -veräiner de sportlechen Erfolleg ganz wichteg ass, mussen se och déi néideg an virun allem passend Leit fannen déi dozou bäidroe kënnen datt de Veräin national oder och international sportlech kompetitiv bleift oder gëtt. Wann also en Trainer oder e Sportler duerch seng Leeschtungen zu dem sportlechen Erfolleg vum Veräin bäidréit, ass et och wichteg dass een mat deene Leit d'Zesummenaarbecht verlängere kann. Aus dësem Grond kann een also festhalen, dass dës Derogatioun och justifiéiert ass.